



ren, dat duerch Pfandsystemer, de Verbuet vu Plastik, dee just eemol benotzt gëtt, an esou weider.

An en anere wichtege Beräich ass d'Landwirtschaft. Och an deem Beräich ass de Koalitionsaccord ambitéis, mat 20 % Biolandwirtschaft bis 2025, fir à long terme - 2050 - op 100 % ze kommen.

Grad ewéi zum Offall hate mir heizou an der Chamber eng spannend Debatt am Juli an hunn eng Motioun ugeholl, déi d'Regierung an hiren Ambitioun mat Mesuren ënnerstëtzt. An och a puncto Biolandwirtschaft misst den Aktionsplang drop an dru sinn, fir presentéiert ze ginn, an dat huet de Minister mer och virdru gesot.

D'Biolandwirtschaft huet eng Rëtsch positiv Impakter, notamment op de Klima, awer och op d'Biodiversitéit, d'Waasserqualitéit respektiv de Buedem.

Lëtzebuerg soll och seng Investitiounen dekarboniséieren. Am Kader vun der Diskusioun iwwert de Budget si mer schonn drop agaangen. Et muss bei den Investisementer vum Fonds de compensation drëm goen, dass mer an nohaltege Secteuren investéieren, nohalteg och am ökologeschen a soziale Sënn. Investitiounen a Produiten, déi eis Liewensgrundlag zerstëieren, sinn näamlech net nohalteg.

Nieft dem Klimaschutz musse mer awer leider och iwwer Klimaadaptatioun schwätzen. De Klimawandel ass näamlech schonn zu Lëtzebuerg ukomm an d'Projektiounen soen ons, dass d'Effekter vum Klimawandel och an Zukunft méi staark wäerte ginn: manner Reen an de Summerméint, méi waarm Wantere mat méi Reen, dofir méi en héije Risiko fir Héichwaasser.

An nieft eisen Efforten, fir dem Klimawandel weider entgéintzewierken, ass et dowéinst och wichteg, fir Moossnamen ze huelen, fir eis unzepassen. An deem Kontext ass eng Strategie an en Aktionsplang fir d'Klimapassung ausgeschafft ginn, déi Mesurë festhalen an enger Rëtsch vun Domänen: vum Bauwiesen iwwert d'Land- a Forstwirtschaft, de Gesondheitsmanagement, d'Waasserwirtschaft an esou weider.

Hei gëllt et, déi sëllege Mesuren an den nächste Joren ëmzesetzen, fir d'Resilienz vun eisem Land, eiser Ekonomie, eiser Natur ze verbesseren a se esou fir d'Zukunft ze erhalen.

D'Akteuren um lokalen Niveau sinn natierlech och e wichtege Partner, fir dass mer ons Klimaziler bis 2030 erreechen. Et ass wichteg, dass de Klimapak, deen e grouse Succès ass, elo mat neie Mesurë gefëllt gëtt, fir dass och d'Gemeinschaft motivéiert sinn an déi néideg Instrumenter kréien, fir eng Schëpp beim Klimaschutz nozeleeën.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen zum Schluss. Lëtzebuerg huet sech héich Ziler gesat am Klimaschutz. Dat ass och gutt esou, well ouni Ziler kann een näischt erreechen an et weess een och net, wou d'Rees higeet.

An de leschte Jore gouf scho vill erreecht a mir hunn an dem wichtigste Beräich, fir am Klimaschutz weiderzekommen, näamlech am Transport, e Paradigmewissel agelaut. Och bei den erneierbaren Energien an an der Energieeffizienz hu mer ons verbessert. Mir sinn also um gudden Wee.

Mä fir ons héich Ziler ze erreechen an a Richtung Klimaneutralitéit ze kommen, däerfe mer elo net op der Plaz stoe bleiwen oder ons ausrouen, mä mir mussen ons weider Mesurë ginn a konkret Klimaschutzmesuren um Terrain ëmsetzen, an dat an alle Beräicher.

Et ass un der Politik, fir e Kader ze setzen, deen en ëmweltfrëndlecht Verhalen erméiglecht an encouragéiert an e Verhalen, dat kloer negativ Repercutiounen op eis Liewensgrundlagen huet, discouragéiert respektiv net zouléisst. Et ass un der Politik, fir ze handelen!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Benoy, den Här Kartheiser hat nach eng Fro fir lech.

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Ech soen och dem Här Benoy Merci fir déi Ried, déi en hei gehalen huet. Ech mengen, mir hunn hei e Plädoyer vun deene Grénge fir Steiererhéijunge gehéiert. An ech wollt dofir den Här Benoy froen ... En huet weinstens an dräi Punkte Steiererhéijungen am Numm vu senger Partei gefuerdert. An ech wollt dann e bëssen nofroen, wat e sech do erwaart.

En huet gesot, am Beräich vun den Ëmweltsteiere wäeren nach ganz vill Méiglechkeeten. Dofir meng éischt Fro un den Här Benoy: Wéi eng Méiglechkeete gesinn déi gréng am Beräich vun den Ëmweltsteieren?

En huet gesot, bei den Accisë misst een déi Erhéijunge konsequent weider verstärken. Weiderféieren a weider verstärken. Dofir meng zweet Fro un den Här Benoy: Wéi eng Accisenerhéijungen hätten déi gréng da gär?

A meng drëtt Fro betrëfft d'Autossteieren. Och do huet den Här Benoy gesot, et misst een erhéije respektiv moduléieren no den Ausstoussleeschunge vun den Autoen, vun de Gefierer. Duerfir meng drëtt Fro un den Här Benoy: Wat wëllen déi gréng am Beräich vun den Autossteieren?

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Benoy.

(*Interruption*)

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Här Kartheiser, ech weess net, ob Der mer nogelauschtert hutt, mä ech hunn ...

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

Ma ech hunn op déi dräi Froen ...

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

Op déi dräi Froen, déi Der gesot hutt, hunn ech lech a menger Ried scho gesot, wéi ech mer virstellen, dass mer dat musse weider entwéckelen. An, ech mengen, mir sollten och do ons Verantwortung iwwerhuelen.

Voilà !

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Entschëllegt, Här Benoy, ech hunn awer keng eenzeg Ziffer héieren.

(*Brouhaha*)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Benoy. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och eis Gedanke sinn natierlech um haitegen Dag beim Félix Braz a senger Famill a mir wënschen him vill Kraaft an dass hien erëm schnellstméiglech op d'Bee kënnt. Ech mengen, jiddwereen huet et scho gesot, e gëtt heibanne vermësst.

D'Piraten hunn elo während engem Joer konnten Erfahrungen hei am Parlament sammeln a mir hunn eis an der Roll vun der Oppositionspartei, mengen ech, esou lues a lues ageliéft. Mir wëllen dobäi eng konstruktiv, awer och kompromëssbereet Oppositionspolitik maachen.

U sech ass et jo och der Opposition hire Rôle, fir nom État de la nation op dësen ze reagéieren a sech inhaltlech un deem ze reiwen, wat de Premier am Numm vun der ganzer Regierung iwwert den Zoustand vun eisem Land an, vill méi wichteg, iwwert d'Visiounen an d'Pläng fir d'Zukunft ze soen hat. Dëst fält mer haut ëmsou méi schwéier, well d'Ried vun Premierminister inhaltlech leider subanzlos war.

Mir haten eis eng Ried mat kloer Propose fir d'Zukunft erwaart, mat Proposen, wéi mer eis Klimaziler kéinten erreechen, wéi jiddweree sech en Daach iwwert dem Kapp ka leeschten a wéi mer jonken a manner jonke Leit mat alle Bildungshannergrënn Perspektiven um Aarbechtsmarché kënne ginn. Wat mer kruten, war eng Beschreiwung vum Status quo - e Constat, mä keng Léisungsausatz!

Et geet net duer, sech Ziler ze setzen. Et muss een och seriö eppes derfir maachen, fir se ze erreechen.

Gëschter konnte mer héieren, dass weiderhin un de Klimaziler fir 2030 festgehalte soll ginn an d'Netto-Null fir 2050 och nach ëmmer d'Zil vun der Regierung bleift.

Dat freet eis natierlech ze héieren. Mä Lëtzebuerg huet scho widderholl gewisen, dass d'Klimaziler zwar ugekënnegt ginn, um Enn dann awer net erreecht ginn. Wann et haart op haart kouw, gouf d'Lat bis elo nach all kéiers zu gudder Lescht dach op en Neits gerappt. Dat muss sech änneren!

Et geet eben net duer, dass de Xavier Bettel sech privat eng kleng Juggurtsmaschinn keeft, fir de Klima an domadder de Planéit ze retten.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... well soss géift Dir ...

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Mir musse méi maachen, méi wäit goen, an net nëmmen iwwert d'Konsequenzen ...

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - ... och eng Maschinn kafen ...

(*Hilarité*)

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Ma, Här Bettel, ee Virdeel huet Är Juggurtsmaschinn näamlech gehat: Mindestens zwee Oppositionspolitiker hunn e bësse méi CO₂ konnte produzéieren, während mer doriwwer geschwat hunn.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Ech kann lech just och d'Maschinn, fir Sprudeldwaasser ze maachen, recommandéieren!

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Ech hunn eng an ech soen lech och net, wéi eng Mark et ass, dat wär ...

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).** - Nee, léiwer net!

► **M. Sven Clement (Piraten).** - ... näamlech verbuede Werbung heibannen!

► **Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV).** - De Max Weber freet sech net!

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Mir musse méi maachen, méi wäit goen, an net nëmmen iwwert d'Konsequenze vun eisem Handele schwätzen, mä eis gutt Virsätz och tatsächlech liewen an eis esou konsequent fir de Schutz vun eiser Welt asetzen.

Souguer d'Europäesch Kommissioun, déi jo net fir ambitiéis Klimaziler bekannt war, huet sech beklot, dass eis Approche, fir eis eegen national Klimaziler ze erreechen, nach onkloer an ondefiniéiert wieren.

(*Interruption*)

Erlaabt mer, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Fro opzewerfen, wéini d'Regierung plangt, de Prinzip vum Pollueur-payeur endlech konsequent ëmzesetzen. Ab wéini wäert de realen Impakt vun individuellen Handelen op Basis vun transparente Berechnunge fir d'Konsumente gräifbar ginn?

Et ass kee Geheimnis, dass ee Liter Bensinn 2,3 Kilo CO₂ produzéiert. Beim Diesel sinn et souguer 2,6 Kilo. Eis aktuell CO₂-Steier um Bensinn mécht nëmme ronn 11 Euro pro Tonn aus. Dat entsprécht net am Geréngsten dem Präis, deen op den Energiemarché fir en Emissionszertifikat haut opgeruff gëtt. Géife mer eis um aktuelle Präis vun der Bourse - wat en niddrege Präis ass! - orientéieren, missten eis Taxen um Karbon bei 25 Euro pro Tonn leien. Also méi wéi duebel esou héich, wéi se haut sinn!

Konkret géif dat heeschen, dass de Bensinnspräis ëm ronn 3 Cent pro Liter géif an d'Luucht goen. Fir den Duerchschnittskonsument géif dat bedeite plus/minus 5 Euro de Mount méi.

Mä dat traue sech d'Regierung net auszeschwätzen. Si traue sech net, hire Wieler d'Wourecht ze soen, a spillt net mat oppene Kaarten. Léiwer breet se sech domat, vermeintlech Ëmweltschutzmesuren ëmzesetzen, obwuel dës just e minimalen Impakt oder souguer guer keen Impakt op d'Weltklima hunn.

Wann d'Regierung vun enger ökologescher Steuerreform schwätzt, da muss se och vun enger Steuer op Zäregase schwätzen. Mä et muss een awer och konkret Propose maachen, wéi eng CO₂-Steier sozial verträglech gestalt ka ginn, fir Leit mat klengem Akommes, déi op hiren Auto ugewise sinn, net zousätzlech ze belastschen.

Et geet net duer, just iwwert d'Gratuitéit vum öffentlichen Transport ze schwätzen. Et muss een och Pisten hunn, fir dës méi accessibel ze maachen. Grad déi Leit, déi am dréngendsten op den öffentlichen Transport ugewise sinn, fir hire Mobilitéitsbudget ze reduzéieren, hunn oft e schlechten Zougang zu dësem.

Et sinn net déi Leit, déi sech en Appartement oder en Haus an der Stad kënne leeschten, déi op den öffentlichen Transport ugewise sinn. Et sinn déi Leit, déi sech just nach ausserhalb, voire iwwert d'Grenz ewech eppes leeschte kënnen, déi op e performanten öffentlichen Transport ugewise sinn. Duerfir brauche mir besser Verbindungen am ganze Land a méi breet a flexibel opgestallte Fuerpläng.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Klimaziler sinn - ech erënneren nach eemol drun - trotz Wuessum bis 2030, eis Zäregasemissiounen ëm 55 % par rapport zum Joer 2005 ze reduzéieren a gläichzäitig den Undeel un erneierbaren Energien op 25 % eropzesetzen. Do stellt sech natierlech d'Fro: Wou si mer haut drun? Wéi wäit si mer scho komm?

Dat huet de Premier eis gëschter net esou genee duergestallt. An e wäert och sécher seng Grënn gehat hunn, well mir hunn an deene leschte 14 Joer eis Emissiounen just ëm ongeféier 26 % reduzéiert. Et feelen also nach weider 30 %, fir eist Zil fir 2030 ze erreechen. An et bleiwen elo awer just nach eelef Joer.

Beim Taux vun den erneierbaren Energien am ganzen Energiemix vu Lëtzebuerg gesäit et nach méi dramatesch aus. 25 % sinn d'Zil; Stand 2017 - laut Eurostat - 6,38 %.

Wéi mer dat Zil wëllen erreechen, dorobber huet d'Regierung gëschter keng Äntwert ginn.

Mat eppes huet de Premier gëschter awer recht gehat: Et ass nach Zäit, eppes ze änneren. Mä da geet et net drëms, weider „ze maachen“, mä endlech unzefänken!

A fir dësen Ufank ze maachen - erlaabt mer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären -, deposéieren ech heimadder souwuel eng Proposition de loi an eng Motioun mam Zil, der Netto-Null méi no ze kommen.

Wannechgelift!

Motion 2

D'Deputéiertechamber invitéiert,

- vis-à-vis vun der aktueller Klimakris;

- virum Hannergrond vum Paraisser Klimaafkommes, dat de 4. November 2016 a Kraaft getrueden ass;

- d'Fuerderunge vun enger engagierter Zivillgesellschaft, déi mat diverse Manifestatiounen an de leschte Méint d'Politik opgefuerdert huet, klimapolitesch ëmfassend Mesuren ze ergräifen, eescht huelend;

- a mam Zil, d'Gaz à effet de serre an der Atmosphär ze reduzéieren,

d'Regierung, schnellstméiglech déi néideg Dispositionen ze treffen, fir ze garantéieren, dass d'Emissiounen vu sämtlechen Dëngschtreese vu Regierungsmemberen a -beamte kompenséiert ginn duerch de Kaf vun Emissionszertifikater, déi der duebeler Quantitéit vun deenen Ofgasen, déi während der Rees ausgestouss goufen, entsprechen.

(s.) *Sven Clement.*

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

7482 - *Proposition de loi concernant le reboisement en milieu urbain*

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

4. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

Débat (suite)

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Et geet ëm eng Proposition de loi, déi d'Planze vu Beem am Kader vu Bauprojekte virgesäit, fir en Deel vum CO₂, deen duerch de Bau entsteet, erëm ze bannen a gläichzäitig d'Natur ze stäerken.

Eis Motioun proposéiert zousätzlech eppes, wat ech och per Courrier un de Bureau vun der Chamber proposéiert hunn, näamlech, d'Dëngschtreesen duebel mat CO₂-Zertifikater ze kompenséieren.

(*Interruption*)

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann de Klimaschutz e wichtegen Aspekt vun der Lag vun der Nation ass, esou ass et bei Wäitem net deen eenzeg. Net méi spéit wéi virgëschet huet de Statec déi nei Zuelen zu den Immobiliëpräisser publizéiert: 11 % Croissance an engem Joer - ech sinn net deen éischten, deen et seet.

Domadder schloen eis steigend Immobiliëpräisser op en Neits all Tauxen op de Boursen, den Taux vun der Inflation bei Wäitem an natierlech och all Zënssaz op engem Spuerbuch. Wa mer d'Entwécklung vum Immobiliëmarché mat den Zësen um Spuerbuch vergläichen, wuesen d'Präisser, fir ze wunnen, honnertmol esou séier wéi Kapital op engem Spuerbuch.

Et dierf dach net sinn, dass een, dee sech en Appartement fir 400.000 Euro kafe wëllt an dofir all Mount 2.000 Euro op d'Säit leeë kann, net hannendrukënt, well en no engem Joer zwar 24.000 Euro um Spuerbuch huet, mä d'Appartement dann op eemol 444.000 Euro kascht.

Dat ass eng Diskrepanz! Do lafe mer just nach hannendrun! Do dréie mer am Hamsterrad - wéi d'Kolleegin Martine Hansen dat hei scho gesot huet.

D'Leit sinn esou verzweifelt op der Sich no bezuelbarem Wunnraum, dass se souguer an der däischerer Nuecht virun engem Bürosgebai campéieren, fir déi Éischt ze sinn, fir eng Demande ofzeginn. Mä et ginn am räiche Lëtzebuerg ze vill Leit, déi net obdachlos sinn, mä a ganz prekäre Situatiounen wunne musse weinst den héije Loyer, awer net eleng aus hirer Situatioun erauskomme kënnen. Net jidderee kritt e Prêt an un dësem Trend wäert sech, dank neie macroprudentielle Regeln, wuel esou séier och näischt änneren. Ganz am Géigendeel, et wäert fir Privatpersounen weider méi schwéier kënne ginn.

Wann ee sech säin Doheem awer weder mat engem Spuerbuch nach mat engem Prêt finanzéiere kann, wat bleift dann nach? Wat ver-